Johny SCHMIDT
8, rue des Romains
L-5238 SANDWEILER
Tél. 352 83

Sandweiler, den 21 Juli 1991



Monsieur Jos Weirich
Président National de la
Fédération des Victimes
du Nazisme Rnrôlées de Force
21, rue de la Poste
L- 3544 Dudelange.

Léiwen Här Président a Komerod Jos,

Ech hun Är léif Invitatioun fir den 8. September 1991 kritt, a wa Gott wëll, maachen ech mir mat 68 Jor, eng Éier dorauser fir Iech Är Journée Nationale duurech mäi "concours musical" ze verschéineren.

D'Cérémonie fänkt do un wou ech am Februar 1943 mengen Elteren an d'Ärem gefall sin an dun gezwongen si gin eng batter Reesss unzetrieden, déi 8 Méint méi spéit am Maquis d'Auvergne en neien Ufank fond huet.

3150 Jonge sin nët méi heem komm, Du, léiwe Komerod Jos an ech, mir woren ënnert deenen 8850 gléckeche Jongen déi d' Chance haten aus dëser Äerdescher Häll erëm eraus ze kommen. Looss mer dem Herrgott dofir dankbar sin. Looss me: och deem Dabo, engem E. de F. a spéider Maquisard verzeien, dee virun e puer Joer sech beim Conseil de la Résistance beschwéiert huet, well de Johny, als Clairon d'Honneur de la Résistance, ( dée kengem Rechenschaft oofzeleen huet, wou a wat hien bléisst,) zu Eieren vun den E. de F., de gefaalenen Jongen, de Chant des Partisans gespillt huet. Looss mir och déenen, soit disant Résistants, hier Fréd loossen, déi sech ganz houfrech Fantaisi s Médaillen uspellengen loossen ouni sech ze schummen. Dat as elo kuurz nach geschitt zu Rëmeleng(16.6.91) wou en UPAFILIST eng Fantaisi s Médaille "Charles de Gaulle iwweréecht huet kritt. Hien hat niimools eppes mat Passeurs an och niimools eppes mat der franséischer Résistenz ze din. Vum Dezember 1941 bis de Mée 1942 soutz hien als Student zu Hinzert. Dono as hien entlooss gin an esou guer emol nët agezun gin, well hie nach ze jonk wor. Hei kann een och soen :

" Ein unverschämter kann bescheiden aussehen, wenn er will, aber kein Bescheidener unverschämt."

An der Hoffnung, datt mir nach e puer Jor, dée schéinen Text vum Ed. Lentz kënne sangen, dee vertount as gin vum Anton Zinnen aus der Neuerburg. 1848 huet den " TUN" sech Lëtzebuerger maache gelooss an hien as zu Neuilly 1898 gestuerwen.

Duurech seng esou schéin Kompositioun vun eisem National-Lidd, gëtt hie niimools vergiess : Dat as onst Land, fir dat mir géif heinidden alles woen'

An dësem Sënn, bis geschwënn. Dir,léiwe Komerod Jos an Denger Famill, wënschen ech nëmmen dat Allerbescht a gréissen Dech ganz häerzlech.

De Frënd a Komerod

Johny Schmidt

~~P.S.~~

~~Ech hun dese Bréif~~

P.S. Ech hun dese Bréif un Deng Adresse zu Diddekeng gescheckt. Virun engem Jor hun ech zu Hollerich eng Foto fir de Jos Weirich (Bréif) déposéiert, an ech hun d'Impressioun wéi wann dee Bréif niimools ukommt wier.

Wann Dir d'accord sid, verschéinert de Frënd Johny Är Cérémonie dësen 8. Sept. besonnesch feierlech. Hien engagéiert(op seng Käschten) säi fréiere Schüler (Ier Prix) Edmond Faber, de fils vum E. de F. Marcel Faber L- 9831 CONSTHUM, fir mat mir d'Sonnerie aux Morts mat Echo ze spillen.Och déi aner patriotesch Melodien genge mir als DUO spillen. De Succès bléif nët aus, besonnesch an der Hapt-Gare. Setzt et op de Programme, da komme nach méi Leit an d'Gare....

Rappel :

Dat lescht Jor huet ët an der Gare beim Monument eraus gesin wéi an engem Schwengsstall.....
Et wor kée Vertrieder vun der Direktioun CFL do.....

Wärend de Clairon gebloosen huet hun domm Bouwe gepaff, keen huet se gestéiert et wor séier pénibel.....

A leschter Minutt hun déi Häre vun der Bunn de Schlëssel fond fir op den " Ducksall " an der Gare ze kommen, do, wou de Johny ëmmer bléisst, do muss et nët propper gemaach gin, sollt et gemaach gin, da soe mir all der Eisebunn elo schon villmools Merci a wënschen hinnen all datt sie dat niimools musse matmaachen wat mir hannerun eis hun.

Ordnung :

Werden wir von Kindheit an gewohnt, unsere Umgebung zu einer freundlichen ORDNUNG und SAUBERKEIT zu gestalten,so wird auch unser§§$§§§§§§§§§§§§§§§§§§§§§ Inneres diese Ordnung durch eine harmonische Stimmung der Seele abspiegeln.

21. juli 1991

1953

Rappel Nov : 1951 No 11 liste des divers otages
Junglinster-Trois Glands-Pétange ect.

Otages-Junglinster : cause: Assassinat du Ortsgruppenleiter de Junglinster Alphonse Calmes le 20.7.1944 par 2 Enrôlés de F

en tout : 70 otages, dont j'ai les noms .

Durchgabe eines Funkspruchs, aufgenommen in Siegburg am 23. Aug.44 durch Verwaltungsinspektor HEIDORN.

Befehlshaber des Ersatzheeres hat als Gegenmassnahme gegen die am 20.7.44 durch zwei Luxemburger Deserteure erfolgte Ermordung des Ortsgruppenleiters aus Junglinster, die sofortige Erschiessung e er Anzahl luxemburger Fahnenflüchtiger angeordnet, die rechtskräftig zum Tode verurteilt, sodann aber zu Zuchthausstrafen begnadigt worde waren.

Unter Aufhebung des bisher gewährten Gnadenerweises befehle ich daher, dass unverzüglich folgende Luxemburger erschossen werden.
1) Bück Jean geb.1920---Charpantjen Marcel geb.1924--Körner Kamille Differdingen geb. 1924.

Die Eröffnung der Vollstreckung der Todesstrafe erfolgte am 23.8.1944 um 7.10 bei Charpantjen, um 7.15 bei Bück und um 7.18 bei Körner im Zuchthaus und Strafgefängnis in SIEGBURG

Charpantjen und Bück erkannten die Richtigkeit des Urteils an und hatten Einwendungen nicht zu erheben.

Körner erklärte, dass er unschuldig zum Tode verurteilt worden sei.

Das Erschiessungskommando wurde aus planmässigen Beamten der Schutzpolizei, in Höhe von 6 Mann zusammengestellt

Das Kommando zur Exekution war dem Aufsichtsdienstleiter Ersten Hauptwachtmeister LUEG übertragen worden.

gez: HOFMANN
Verwaltungsoberinspekor

Johny SCHMIDT
8, rue des Romains
L-5238 SANDWEILER
Tél. 352 83

Président

ASSOCIATION FRANÇAISE
CROIX de GUERRE - TOE -
VALEUR MILITAIRE
LUXEMBOURG